SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/04/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An der parlamentarescher Fro n°7599 hat ech de Mobilitéitsminister gefrot, wéi eng Garë momentan scho konform zum Gesetz vum 7ten Januar 2022 an domat accessibel sinn. Eng accessibel Gare bréngt awer net vill, wann d'Zuchwaggonen net och accessibel sinn. Hei huet een d'Méiglechkeet sech am Viraus beim CFL unzemellen, fir gehollef ze kréien. Et ass awer net kloer, ob Hëllef ëmmer méiglech ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Waggonen (Gesamtzuel an a Prozent ausgedréckt) vun der CFL sinn net accessibel fir Rollstullfuerer:innen a Persounen mat Kutsch?
2. Wéi vill Waggonen (Gesamtzuel an a Prozent ausgedréckt) kann een duerch eng Ramp accessibel maachen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten